PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Net ouni meng Mask. Dëst ass de Message vu enger aktueller Sensibiliséierungscampagne, déi vum Gesondheetsministère bal iwwerall am Land ze gesinn ass. Pechbiller a Restauranten souwéi digital Werbeannoncë sollen d'Leit dorunner erënneren, dass si mam Droe vun enger Mask hier Matmënschen a sech selwer virun enger méiglecher Infektioun mam Coronavirus schütze kann.

Wann een d'Metadate vun de Grafiken analyséiert, déi d'Santé zur Verfügung stellt, sou entdeckt een, dass d'Date de Création vun der Grafik de 17te Mäerz 2020 war. Zu dësem Datum hat d'Regierung knapps de Confinement decidéiert. Gläichzäiteg war d'Regierung zu dem Zäitpunkt skeptesch géigeniwwer der Schutzwierkung vu Masken, well dës net medezinesch noweisbar war.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini gouf d'Werbecampagne an och d'Grafik #NetOuniMengMask, déi haut iwwerall ze gesinn ass, vun der Regierung an Opdrag ginn?

2. Gouf et eng ëffentlech Ausschreiwung fir dës Werbecampagne?

3. Kann d'Ministesch confirméieren, dass d'Date de Création vun der Grafik de 17te Mäerz ass? Falls jo,
   - firwat gouf d'Droe vun der Mask zu deem Zäitpunkt net schonns als Recommandatioun ausgeschwat?
   - hat d'Regierung hei bewosst net d'Wourecht gesot, well een eng Panik innerhalb vun der Bevëlkerung vermeide wollt, wëssend, datt et zu deem Zäitpunkt schwéier war Masken um fräie Marché ze kréien?

4. Wéi vill huet d'Konzeptioun vun der Werbecampagne kascht?

5. Wéi vill bezilt d'Regierung fir d'Diffusioun an d'Publicitéit vun der Campagne?

6. Wéi eng Organisatioun huet d'Werbecampagne konzipéiert an designed?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député